Newsletter | N° 2
2019

Kierch am Duerf
Gemeng Useldeng asbl

INFO-KAD:
Email: info@kad.lu
Tel: 23 63 97 18
(Lou Anzia-Ney)

La grâce des jours uniques

Ee Kierchejoer ass voll dervun

Léif Memberen a Frënn,

Een neit Aarbechtsjoer mécht äis d'Kichendieren op. Mir freeën äis, eran ze gouen. Ee gutt Buch „La grâce des jours uniques" vum franséische geeschtleche Schrëftsteller Gabriel Ringlet befaasst sech mam spirituellen Inhalt vum Saz: „L´ELOGE DE LA CELEBRATION". Dëst Buch gëtt eisem Bedierfnes no „CHRËSCHT" sinn an eiser Zäit eng grouss Unzuel vun Denkustéiss, andeems et beschräiwt, wéi mir äis verhalen a verhale kënnten am Gottesdéngscht, an der Communautéit, an a mam Kiercheraum, a wat fir eng Impressioun mer un déi ofginn, déi eventuell „sichen" a kommen.

Hei e puer Gedanken zum: „d'Wuert „zelebréieren"
„Raconter une histoire"

La Liturgie est d'abord un récit. Célébrer c'est raconter. Ce qui suppose un lieu, des objets, des mots, des gestes, des mouvements, des musiques, des personnages, une intrigue. Célébrer ne fait pas la morale, célébrer n'enseigne pas une doctrine. Célébrer ne défend pas des valeurs. Mais célébrer retourne un sol pour qu'un sillon se creuse chez celles et ceux à qui l'histoire est racontée. En faisant mémoire, célébrer rend présente une parole. La parole est d'abord le cri de l'homme. La blessure de l'homme. La joie de l'homme. Tout court. De tout homme. L'Evangile n'est jamais que l'expression particulière d'une parole plus large. Et cette parole plus large renouvelle l'Evangile. Le plus important, en définitive, n'est pas que cette parole m'instruise, mais qu'elle jubile en moi, et qu'en la jouant, qu'en la célébrant, je trouve et je retrouve une musique, une vibration, une petite voix d'enfance que je n'osais peut-être plus espérer.

Célébrer, c'est aussi jouer. Jouer avec des sons, des goûts, des couleurs, des senteurs, avec des gestes et avec des mots. Célébrer n'est d'abord une affaire de prêtrise, car pour moi célébrer dépasse la célébration liturgique, c'est presque une manière d'être au monde. Car c'est cela le jeu de la célébration: refuser de laisser les choses en l'état.

On peut vivre sans célébrer : mais pour soulever la vie, pour l'alléger, pour le porter plus haut et plus loin, nous avons besoin du rite. Il ne supprimera pas la souffrance, mais il peut éloigner la désespérance et faire place à la joie, là où, peut-être, on ne l'attendait pas. La liturgie de Taizé a su mobiliser tant de jeunes générations, jusqu'au jour et c'est maintenant « où beaucoup de célébrations semblent à nouveau se refermer et se recroqueviller ».

Quand j'entre au hasard dans un lieu de culte « ordinaire », j'ai souvent le sentiment que le rite s'est réduit, que son sel s'est affaibli. Des mots circulent encore et des gestes, mais on dirait qu'ils ne sont plus reliés. Certains courants croient s'en sortir en enfermant les rites dans le jardin d'une tradition, d'autres pensent que réinventer, c'est gesticule, mais s'en trouvent aussi qui abandonnent, un peu tristes, sans qu'on sache toujours ce qui, de l'indifférence ou du découragement, les a poussés vers la sortie du jardin et d'autres encore s'éloignent sans rien dire mais sans renoncer pour autant, avec l'espoir de voir des rites refleurir près d'une autre source, en des lieux, moins chargés institutionnellement ... des jeunes y aspirent , mais hors des murs des temples et des églises.

Léif Memberen, de Wee deen Ufanks vun dësem Buch opgezeechent gët, kann a soll äisnodénklech stëmmen op der Sich, « d WUERT » ze zelebréieren, mat Asatz a Freed, als frou Communautéit, mat a ronderëm « d'Kierch am Duerf », och an dësem neien Arbechtsjoer.

Nei Initiative zu Ell

Zu Ell ass eng nei Initiative an eiser Par gestart gi fir reegelméisseg e Wuertgottesdéngscht ze zelebréieren, een Déngscht, deen äis méi Zäit léisst, fir äis intensiv mat „ Gottes Wëllen » ze befaassen an eventuell och äis auszetauschen. Dës wichteg Initiative ass ausbaufäeg, inhaltlech an och op anere Plazen. Mir sollte wëssen, dass all Initiativen, déi sech heiheem an iwwerall uechter d'Par nach entwéckele wäerten, ee wichtegt Element sinn fir eist Chrëschtsinn an äis selwer nei opzewäerten, eisen Temoignage méi opriichteg a méi siichtbar ze maachen an eis Communautéit ze verdéiwen.

Am Psalm 1: Zwee Weeër (1-3), liese mir Folgendes (an eiser Sprooch):

Psalm 1: Zwee Weeër (1-3)
Glécklech ass deen, deen net méi dem Rot vu wéischte Mënsche follegt,
sech net um Pad vum Sënner saumt, an net op de Plaze sëtzt,
wou se se Geck mat allem maachen,
deen eenzeg an eleng um Härgott sengem Wuert sech freet,
säi Gesetz mat lueser Stëmm bei Dag an Nuecht op senge Lëpsen dréit.
Hien ass ewéi e Bam geplanzt laanscht d'Baach,
dee Fruucht dréit, ass déi giedlech Zäit bis do.
Seng Blieder ginn net wieleg,
kuck, alles wat hie mécht, dat ass geroden.

Eis nächst AKTIVITÉITEN :

Uergelconcert zu Iewerleng an der Kierch
Sonndes, den 22. September ass um 16.00 Auer an der Kierch zu Iewerleng, am Kader vun 250 Joer Iewerlenger Kierch
Et spillen d'Häre Raphaël Wiltgen & Carlo Philippe.

Rousekranzmeditatioun am Oktober an eise 4 Kierchen
„Was wir sind, hängt entscheidend davon ab, wem wir begegnen".
(Th.Berger.Theologe)

Tëschent dem November 2018 bis haut hu 17 Matbierger an eiser Gemeinschaft hiert Liewen am Härgott seng Hänn zréckginn. Eng déif kathoulesch Traditioun hëlleft eis, an Dankbarkeet Mënschen, deene mir am Liewe begéint sinn an och all aner, un dee kee méi denkt, an eisem Rousekranzgebiet, eiser léiwer Gottesmamm an Tréischterin am Leed unzevertrauen an och ëm Trouscht ze froen, fir déi, déi an Trauer zréckbliwwe sinn, heiheem an iwwerall do wou all Dag Terror a Krich onschëlleg Mënschen an den Doud dreiwen.

De Rousekranz
all Kéiers Mëttwochs an der Kierch um 19.00 Auer

Iewerleng: den 2. Oktober
(Rach Lucien, Even Guy, Barthélemy-Reding Anna, Spang Georges, Gerson Charel)
Useldeng: den 9. Oktober
(Waltzing-Hoffmann Michelle, Wiltgen Jos, Tholl-Feyereisen Anny, Boudler Marc, Fischer-Hilger Sylvie, Kohn-Weis Anny, Loesch Guy, Kinnen Antoine, Weber Marcel)
Rippweiler, den 16. Oktober
(Glesener Marie-Josée, Guinsbourg Juliette)
Schandel, den 23. Oktober
(Gengler-Ferber Liliane)

Mir schléissen dëst Joer och besonnesch S.K.A. de Grand-Duc Jean an den Här Jeff Janssen, Brudder vun eisem Här Paschtouer an eist Gebiet mat an.

KAD-FAMILGEFEST
Sonndes, den 20.Oktober zu Useldeng am Centre Culturel
Vergiesst net Iech fir d'Iessen unzemellen fir mëttes oder owes.
Tel: 23 63 80 34 (Boudler) oder 23 63 91 34 (Linster)

Menu1 : Paschtéit mat Fritten an Zaltot (18 €) – fir Kanner (10 €)
Menu2 : Réi a gekachten Ham, Speckgromperen an Zalot (18 €) – fir Kanner (10 €)
Owes : Hameschmier (12 €) oder Ham, Fritten an Zalot (18 €)

Och ee Gest fir d'Tombola oder d'Kaffisstuff ass wëllkomm. Merci.

Night of the Saints – Allerséilen 2019 – zu Iewerleng
Dëst Joer wëlle mir an eisem Projet „Night of the Saints“
déi Iewerlenger Kierch, hir Architektur an all hir Patréiner éieren
Samschdes, den 2. November 2019 um 19.30 Auer - Konferenzowend
mam Här Prof. Alex Langhini - Uschléissend Eierewäin.

MARTINSFEIER zu SCHANDEL
An der Kierch, Méindes, den 11. November um 18.30 Auer «Breet däi Mantel aus» Wärend dëser liturgescher Feier, op déi mir jiddereen, ma och besonnesch Eltere mat hire Kanner invitéieren, brenge mir als Affer eis perséinlech Spend vu Mäntel an Anoraken (fir Reen a Wanter) Mutzen, Schalen an Händschen an engem Geste vu Solidaritéit fir Menschen an Nout virun den Altor.

RADIOSMASS zu IEWERLENG
Sonndes, den 1. Dezember 2019 um 9 Auer.
PS: Mir bieden d’Leit zäitlech an der Kierch ze sinn. Merci.

Merci Villmools

Mir soen der Famill Barthélemy vun Iewerleng Merci fir dee schéine Geste, beim Dout vun hirer gudder Mamm a Groussmamm Anna Barthélemy-Reding, mat engem DON fir eis asbl KIERCH AM DUERF – Gemeng Useldeng.

Lëtzebuerg huet eng nei Kiercheféierung

Mir sinn dankbar fir d’Dezisioun vum Popscht Franziskus, eisem Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich den Titel, d‘Fonktioun an d’Attributioune vum Kardinol zouz’erkennen, Dëst gouf publizéiert zu Roum, nom Angelusgebied, Sonndes, den 1. September 2019. Mir hunn als asbl dem Här Äerzbëschof fir seng Nominatioun gratuléiert mat folgende Wierder:

Monseigneur Hollerich,
Tout en vous félicitant, Éminence, de votre nomination aux hautes fonctions de cardinal, nous vous souhaitons de tout coeur:
« Que la joie vous accompagne comme une flamme secrète ».
Nous vous adressons nos meilleurs vœux au sens du psaume 16 (15) 5-6 :
« Miktâm de David :
Seigneur, mon héritage et ma part à la coupe, tu tiens mon destin.
Le sort qui m’échoit est délicieux, la part que j’ai reçue est la plus belle ».

De 24. Juli 2019 huet de Poopst Franziskus den Här Chanoine Léo WAGENER zum Weibëschof an der Äerzdiözees Lëtzebuerg ernannt.
Zu sengen Attributioune gehéiere folgend Aufgaben:

1. Administration
2. Biens temporels de l'église
3. Relations avec les communes

Den 30. Juli 2019 gouf den Här Paschtouer Patrick MULLER vum Här Äerzbëschof zum Vicaire Général vun der Äerzdiozees ernannt mat folgenden Attributiounen:

1. Embauchement du personnel
2. Pastorale
3. Abus sur les mineurs
4. Administration

Vum 15. September 2019 un kritt d'Par Atertdall Verstäerkung an der Persoun vun der Madame Joke DE KROON. Si get eis vum Bistum zougedeelt mat der Attributioun vun der Parassistentin, e Posten deen si mat der Par Rammerich deelt.

Hinnen all wënsche mir vill Erfolleg an hirer neier Missioun no de Wierder vum Psalm 27 (26),4:

„J'ai demandé une chose au Seigneur et j'y tiens, habiter la maison du Seigneur tous les jours de ma vie, pour contempler la beauté du Seigneur et prendre soin de son temple »

INTERNET-SITE

Besicht och eisen Internet-Site op www.kad.lu ; dir fannt hei ëmmer d'Massen an eiser Gemeng, aner Aktivitéiten vun der KAD an och aus eiser Par, wéi och de Parbréif.